N°540
Entrée le 27.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.03.2024

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, de 27. Abrëll 2024**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Aus dem Koalitiounsaccord vun 2023-2028 geet ervir, datt d'Offer un nei gegrënnten Sektiounen, wéi beispillsweis d'Sektioun R (Politique et développement durable), och soll op aner Regiounen aus dem Land erweidert ginn.

Et besteet nämlech momentan eng limitéiert Offer fir esou Sektiounen, wéi déi beispillsweis uewen genannte Sektioun, déi nëmmen an engem staater Lycée zougänglech ass.

Des Weideren gesäit de Koalitiounsaccord net nëmmen eng Erweiderung fir déi néi Sektioune fir, mais proposéiert de Prinzip vun de Sektiounen ofzeschafen.

Dëst neit Konzept soll de Lycéesschüler méi Fräiheet am Choix vun hire Fächer loossen.

An deem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Educatiounsminister stellen:

1. A wéi engem Zäitraum gesäit den Educatiounsministère fir, fir déi nei gegrënnte Sektiounen op aner Regiounen am Land ze erweideren?

2. Steet d'Erweiderung vun neie Sektiounen an allen Regiounen net am Widersproch zur Ofschaafung vum Konzept vun den Sektiounen?

3. Huet den Educatiounsministère schonns ugefaang mam Ausschaffe vun engem Pilotprojet?

- Wann jo, wou ass de Pilotprojet drun?

4. Et geet ervir, datt verschidde Lycéeë sech interesséiert u sou engem neie Konzept weisen. Wéi eng Lycéeë sinn dat?

- A wéi géifen déi interesséiert Lycéeën an de Pilotprojet mat integréiert ginn?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Paul Galles**

**Deputéiert**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 540 vum honorabelen Deputéierte Paul Galles**

**Ad 1)**

Et ass virgesinn, datt déi nei Sektiounen an d'Offer vu weidere Lycéeë kënnen opgeholl ginn, soubal se eemol de ganzen Zyklus vun 3$^{e}$ bis 1$^{re}$ duerchlaf hunn.

**Ad 2) - 4)**

Ech verweisen den honorablen Deputéierten op de Gesetzesprojet Nr. 8375 (*Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement secondaire classique*), deen de 16. Abrëll 2024 deposéiert gouf. Mat dësem Gesetzesprojet soll déi legal Basis fir dräi nei Sektiounen, mat deenen déi schoulesch Offer am Enseignement secondaire erweidert gëtt, geschafe ginn. All Sektioun, déi an eisem Schoulsystem ugebuede gëtt, brauch eng legal Basis, fir de jeeweilege Schüler déi néideg Rechtssécherheet ze garantéieren, notamment am Kader vum Premièresexamen. Et handelt sech deemno hei ëm eng Noutwennegkeet am Kader vum aktuelle System, onofhängeg vun der Zilsetzung, déi am Regierungsprogramm steet, fir e Pilotprojet auszeschaffen, an deem op d'Strukturéierung vun de Classes supérieures duerch Sektioune verzicht gëtt, fir op dës Manéier de Schülerinnen a Schüler méi e breede Choix, wat d'Zesummesetzung vun de Fächer ubelaangt, ze erméiglechen.

Aktuell gëtt un engem Konzept fir esou e Pilotprojet geschafft, dat, esou bal et steet, de Lycéeë wäert virgestallt ginn. Réischt da wäert en Opruff un d'Lycéeë gemaach ginn, fir bei deem Pilotprojet matzemaachen.

Lëtzebuerg, den 29. Abrëll 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH